



EXPERIMENTER



An eisem Experiment gi mer bësse virun d'Dier an entdecken eis Ëmgéigend mol anescht. Mir maachen en Tréppeltour, deen duerch är Äntwerten op verschidde Froen de Wee definéiert.

Mir stellen iech hei elo eng Partie Froen, déi der noenee beäntwere sollt wann der op enger Kräizung stitt. Wann der eng Froe mat 'jo' beäntwert, gitt der no lenks, a wann der eng Fro mat 'nee' beäntwert, gitt der no riets. Sou entsteet en Wee, dee vir jiddereen anescht ass.

Ziel ass et net, en Wee einfach of ze tëppelen, mee vill méi de Wee u sech. Um Enn vun de Froe kommt der iergendwou raus, dat kann eng Plaz sinn déi der scho kennt, oder eng nei Plaz. Maacht eng Foto vun iech op där Plaz an a luet se op lgs.lu/scoutendoheem erop.

Froen :

1. Bass du scho méi wei 10 Joer an de Scouten ?
2. Kenns du dem B.P. säi kompletten Numm ?
3. Hues du mat dengem Clan schonn eng kéier en Camp Volant gemaach ?
4. Hat äre Clan schonn en Camp a Frankräich ?
5. Bass du op enger Campplaz schonn eng kéier iwwer Zeltspanner getrollt ?
6. Hues de schonn eng kéier eppes aneschtes wei en Hummer benotzt vir en Piquet an ze schloen ?
7. Ass bei iech am Clan schonn een an de Mupp 'gefall' ?
8. Hues de schonn eng kéier ënner fräiem Himmel geschlof ?
9. Hëls du Ersatzbatterië vir deng Täscheluucht op en Camp mat ?
10. Hues du schonn en Hike mat Bloderen un de Féiss fäerdeg getrëppelt ?
11. Hues du dech op engem Hike schonn eng kéier sou verlaf, dass een dech huet misse siche kommen ?
12. Huet et um Camp schonn eng kéier an äert Zelt era gereent ?
13. Setzt du gäre mat dengem Clan beim Lagerfeier ?
14. Hues de der deng Schongsuel schonn eng kéier beim Lagerfeier gesenkt ?
15. Hues de um Camp schonn eng kéier misse kal iesse well d'Feier net ubliwwen ass ?
16. Hat dier schonn en Verletzter beim Spill 'Bulldog' ?
17. Waars du während engem Camp schonn eng kéier an engem Medical Zelt ?
18. Waars du schonn op engem Camp wou méi wéi 10.000 Leit waren ?
19. Gehéiert 'Rei in der Tube' zu denger Standard-Campausrüstung ?
20. Hues du op Camp'en schonn eng kéier Foulard'en getosch ?
21. Hues du däin Partner an oder duerch d'Scouten kennengeleiert ?
22. Scout ze sinn, dat ass dat schéinste Gléck ?



Lued eng Foto vun denger Aktioun op
lgs.lu/scoutendoheem erop.

